encevo
R.C.S. Luxembourg F3426

**Amicale du Personnel Retraité du Groupe Encevo asbl**

anciennement Amicale du Personnel Retraité de Cegedel

# Message un d'Membere vun der « Amicale du Personnel Retraité du Groupe ENCEVO »

Léif Membere vun der Amicale,

Eis Amicale gouf den 9. Mäerz 1994 gegrënnt. Dëst Joer gëtt eis Amicale also 30 Joer al, di éischt 15 Joer am Groupe Cegedel an di lescht 15 Joer, no der Fusioun, am Groupe Encevo (mat senge Gesellschaften CREOS, ENOVOS an TESEOS).

Fir dëst ze feieren hu mir 2 Saache virgesinn :

- All Member, deen seng Cotisatioun fir 2023 an 2024 bezuelt huet an domat der Amicale trei bliwwen ass, kritt als kleng Erënnerung un dësen Anniversaire eng Fläsch Crémant, mat enger Etikett « Merci - 30 Joer Amicale ENCEVO », perséinlech heembruecht am Laf vum Mount Mäerz 2024 (bis spéitstens Ouschteren). Loosst Iech déi gutt schmaachen.
- Eng méi offiziell Feier wäerte mir bei engem Mëttegiessen am Bourglënster Schlass den Donneschdeg 20. Juni 2024 ofhalen.

De Programm vun eisen Ausflich fir d'Joer 2023 konnt, esou ewéi ufanks vum Joer geplangt, realiséiert ginn an et hu vill vun eise Memberen sech dru bedeelegt : Visite Musée 3 Eechelen a Chambre des Députés (27/01), Visite Château d'eau Gasperich a Luxembourg Air Rescue (11/05), Nittel (D) : Visite guidée des vignes, excursion bâteau sur la Moselle (29/06), Esch/Sauer : Musée de la draperie, Lultzhausen : randonnée « Le chemin de la sculpture » (27/07), Visites Cristallerie Saint-Louis-lès-Bitche, Musée Lalique Wingen-sur-Moder an Ineos Automotive Hambach (12-13/10).

De Comité vun der Amicale huet fir 2024 erëm en hoffentlech fir eis Memberen interessante virleefege Programm vu Manifestatioune geplangt :

- 25/01/2024 Visite vun der Bibliothèque Nationale um Kierchbierg
- 28/03/2024 Generalversammlung zu Esch um Siège vun der Encevo
- 23/05/2024 Visite vun der Firma KIOWATT um Rouscht
- 20/06/2024 30-Joer Feier vun der Amicale um Bourglënster Schlass
- 18/07/2024 Trëppeltour a Visite (bleift nach ze organiséieren)
- 03/10/2024 Ausfluch mat Visite (SEBES zu Eschduerf ?)

Zu den eenzelne Manifestatioune kritt Dir méi spéit an zäitno di néideg Informatiounen an Invitatiounen, ausser fir d'Visite vum 25. Januar, déi mir scho gemaach hunn.

Esou ewéi ëmmer am Ufank vum Joer, biede mir Iech Är Cotisatioun 2024 vun (onverännert) **12 EUR** an den nächsten Deeg op de BCEE-Konto vun eiser Amicale :

**LU46 0019 4155 1371 4000**

mam Vermierk **« Cotisation Amicale 2024 »** ze iwwerweisen., wann et net scho geschitt ass. Merci fir Är Trei zur Amicale !

De Comité vun der Amicale wënscht iech en interessant a gesond Joer 2024, verbonne mat der Hoffnung, vill flott Stonnen am Krees vun eiser Amicale a senge Manifestatiounen ze erliewen !

Esch/Uelzecht, den 29. Januar 2024.

Nestor DIDELOT
President vun der
Amicale du Personnel Retraité
du Groupe ENCEVO